DE FËRDERPROGRAMM FIR DÉI JONK AN DER CSV

LÉIF JONK KANDIDATEN,

Am Hibléck op d'Waljoer 2023 bitt d'CSJ an d'CSV mat dësem neie Förderprogramm jonke Kandidate bis 35 Joer eng eemoleg Geleeënheet fir sech kënnen ze forméieren an op d'Wale virzebereeden.

De Formatiounsprogramm besteet aus 5 kuerze Workshoppen, ugefaangen domadder wéi eng Gemeng funktionéiert, iwwert Kommunikatioun a sozial Medien, hin zu dem kommunalen Amenagement bis zur Sozialpolitik. All Formatioun gëtt dobäi alternativ Samschdes oder an der Woch ugebueden.

Doriwwer eraus organiséiere mer am Januar fir all Participanten en exklusive Weekend mat engem professionelle Coach an Zesummenaarbescht mat der Konrad-Adenauer Stiftung.

Bei dësem Förderprogramm gëllt et awer net nëmmen sech ze forméieren, mee et ass och d'Méiglechkeet aner jonk Kandidaten aus der Partei kënnen ze léieren, sech auszetauschen an eng spannend Zäit mateneen ze erliewen.

Wann dir also scho vun enger Sektioun gefrot gi sidd fir mat an d'Gemengewalen ze goen oder offiziell Kandidat sidd an Interesse hutt un dësem Förderprogramm matzemaachen, da mëllt iech einfach fir dëse Programm iwwert eise Formular um Internet un oder schreift eis eng Email op csj@csj.lu.

Mir freeën eis dorop iech beim Förderprogramm begréissen ze kënnen.

Elisabeth Margue
CSV Nationalpresidentin

Alex Donnersbach
CSJ Nationalpresident

CSJ
DÉI JONK AN DER CSV

PROGRAMM

1. ORGANISATIOUN A FONCTIONNEMENT VUN ENGER GEMENG (GEMENGEROT, SCHÄFFEROT, BUDGET, ETC.

Formateur: Nadine Braconnier, Gemengesekretärin vun der Gemeng Monnerech
Mëttwochs, de 9. November 2022 vun 18h00 bis 20h00 oder Samschdes, den 12. November vun 10h00 bis 12h00
CSV Generalsekretariat — 4, rue de l'eau, L-1449 Luxembourg

2. KOMMUNIKATIOUN A SOZIAL MEDIEN

Formateur: Kerstin Flemming, Geschäftsféierin vun onser Kommunikatiounsagence GURU
Donneschdes, de 24. November 2022 vun 18h00 bis 20h30 oder Samschdes, de 26. November 2022 vun 09h30 bis 12h00
CSV Generalsekratariat — 4, rue de l'eau, L-1449 Luxembourg

3. MEET A GREET EVENT X-MAS EDITION

Mëttwochs, de 14. Dezember 2022 um 19h00
Urban Café — 2, rue de la Boucherie — L-1247 Luxembourg

4. COACHING: RHETORIK, ËFFENTLECHT OPTRIEDEN A PERSÉINLECHKEETSENTWÉCKLUNG

Formateur: Konrad-Adenauer Stiftung
Samschdes, de 14. Januar 2023 um 10h00 bis Sonndes, de 15. Januar 2023 um 16h00
oder Samschdes, den 21. Januar 2023 um 10h00 bis Sonndes, den 22. Januar 2023 um 16h00
oder Samschdes, den 28. Januar 2023 um 10h00 bis Sonndes, den 29. Januar 2023 um 16h00
Plaz: Detailer kommen no

5. SURVIVAL TIPPS FIR JONK POLITIKER AN DER GEMENGEPOLITIK

Formateur: Fréd Ternes, Schäffe vun der Gemeng Niederanven an
Auteur vum Buch „E klengt Buch iwwert Gemengepolitik"
Mëttwochs, den 8. Februar 2023 vun 18h30 bis 21h00 oder Samschdes, de 25. Februar 2023 vun 09h30h bis 12h00
CSV Generalsekretariat — 4, de l'eau, L-1449, Luxembourg oder „Am Schommesch" - 18, rue d'Ernster, Niederanven

6. URBANISMUS AN KOMMUNALEN AMENAGEMENT (PAG, PAP, ETC.)

Formateur: Romain Diederich, fréieren Conseiller am Ministère de l'Aménagement du Territoire
Méindes, de 27. Februar 2023 vun 18h00 bis 21h00 oder Samschdes, de 4. Mäerz 2023 vun 09h30 bis 12h30
CSV Generalsekratariat — 4, rue de l'eau, L-1449 Luxembourg

7. SOZIAL POLITIK AN DER GEMENG (AIDE SOCIALE, TOXIKOMANIE, OBDACHLOSEGKEET, ETC.)

Formateur: Christian Weis, Sozial-Schäffe vun der Gemeng Esch a Maurice Bauer, Sozial-Schäffe vun der Gemeng Lëtzebuerg
Samschdes, den 11. Mäerz 2023 vun 10h00 bis 12h00 oder Mëttwochs, de 15. Mäerz 2023 vun 18h30 bis 20h30
Place Guillaume II (Knuedler), L-2090, Luxembourg oder Place de l'Hôtel de Ville, L-4002 Esch-sur-Alzette

CSJ
DÉI JONK AN DER CSV

CSV
CHRËSCHTLECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI